

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- et säit der Reform vun 2018 zwee Typpe vu Police-Kommissariater ginn: C2R-Kommissariater (commissariat à deux roulements), déi vu 07:00 Auer bis 21:00 Auer op sinn an C3R-Kommissariater (commissariat à trois roulements), déi ronderëm d'Auer op sinn;
- ee vun de Problemer vun den C2R-Kommissariater dora besteet, datt dës net systematesch mat Camionnetten equipéiert sinn;
- jee no Typ vun Asaz (z.B. schwéier Accidenter, Iwwerfäll, Déifstäl, Abréich etc.) eng Camionnette awer imperativ noutwenneg ass, fir eng professionell Police-Aarbecht ze garantéieren;
- d'C2R-Kommissariater an esou Fäll Camionnette bei den C3R-Kommissariater ufroe mussen, esou datt bis zu dräi Beamten (z.B. **zwee vereedegt Beamten an een FST - fonctionnaire-stagiaire**) aus den C3R-Kommissariater op déi jeeweileg Plaz gefuer musse kommen;

ass sech bewosst, datt

- dëst e groussen an onnéidegen Zäit- a Personalopwand mat sech bréngt, well bis zu dräi Beamte vun den C3R-Kommissariater dee Moment jo op hirem Kommissariat feelen an net hirer Aarbecht kënnen nogoen;
- dësen onglécklechen Ëmstand de Personalmanquem bei der Police nach weider amplifiéiert;
- d'Situatioun esou ass, datt, wa keng Camionnetten disponibel sinn, d'Police-Beamte bei hirem Asaz just mat engem normale Persounewon (PKW) equipéiert sinn, wat zu Sécherheetsproblemer ka féieren (z.B. esou: e Verdächtege sëtzt hannen am Auto nieft dem Police-Beamten a kann aggressiv ginn), wat och am Híbléck op d'Hygiène bedenklech ass a wat et de Police-Beamte schwéier mécht, fir de Verdächtege kënnen ze observéieren;
- wa keng Camionnetten disponibel sinn, et de Police-Beamten och méi schwéier fält, fir kënnen effikass ze schaffen, well si z.B. e Constat net op der Plaz kënnen ausfëllen, wat alt erëm zu engem onnéidegen Zäitverloscht féiert an d'Police-Beamte bei hirer Aarbecht behënnert;

fuerdert d'Regierung op,

- dofir ze suergen, datt Camionnettë systematesch zur "Dotation de base" vun all den C2R-Kommissariater gehéieren.